

## NEIT SCHOULTRANSPORTREGLEMENT

Dëst neit Schoultransport-Reglement, dat elo virleit, wäert déi 2 Reglementer, déi mir de Moment hunn, ausser Kraaft setzen.




Eent dovun, dat d'Sécherheet am **SCHOULBUS** garantéiert, geet op den 16. Juli 2012 zréck. Zu deem Moment gouf de Bus nach souzesoen iwwerall als eenzegt Schoultransportmëttel ugesinn. Säin Asaz sollt ënner anerem vermeiden, dass ze vill Privatautoen de Raum ronderëm d'Schoul onsécher maachen.

An der Tëschenzäit ass d'Bewosstsinn gewuess, dass d'Kanner fir hir gesond Entwécklung Bewegung brauchen. Si kënnen besser e puer Stonnen roueg an der Bänk setzen a sech konzentréieren wann si z.B moies schonns zu Fous mat hire Kollegen an d'Schoul trëppelen. 2017 ass d'Elterevereenegung vu Kéinzig un eis erugetrueden mam Wonsch e Pedibus mat eis op d'Been ze setzen. Well eis als Klimapaktgemeng och vill drun geleeën ass, den Verkéier an den CO2-Ausstouss ze reduzéieren, si mir sinn hirer Demande nokomm a mir hunn dun zu Kéinzig fir een Joer e Pilotprojet Pedibus mat 2 Linnen gestart, wou säitdeem ca 80 Kanner, all Moien ënner Opsicht, begeschtert am Grupp an d'Schoul trëppelen. Fir d' Rentrée 2018, wou de **PEDIBUS** zu Kéinzig fest etabléiert gouf, hu mir hei am Gemengerot e weidert Reglement fir de gudden Fongktionnement vum Pedibus gestëmmt.


Nom Succès zu Kéinzig, hate mir d'lescht Joer och 3 Linnen Pedibus, als Pilotprojet fir een Joer, zu Nidder- an Uewerkäerjeng uegebueden. Virun der grousser Vakanz hu mir d'Elteren informéiert, dass ab dësem September gréisser Ännerungen am Schoultransport fir d'Kanner vun de Zyklen 2-4 (déi fréier Primärschoul) géifen kommen an de Pedibus weider ausgebaut géif ginn. Fir d' Kanner aus dem Zyklen 1, der Spillschoul, wäert sech näischt änneren. D'Spillschoulskanner wäerten de Moment nach all weider ewéi bis elo mam Schoulbus an d'Schoul gefouert ginn. Et muss een soen, dass si d'lescht Joer ganz wéineg vum Pedibus profitéiert haten.

Op dëser Plaz muss ech de Leit aus dem Schoulservice e ganz grousse Merci soen fir déi gutt a vill Aarbecht déi si gelescht hunn, fir dass mir nach nieft dem ganzen Covid-stress an de leschte Méint, deen neie Schoultransport organiséiert kruten. Si hunn fir d'éischt mol e geneeën Relevé vun de Kanner gemaach, déi aktuell vum Schoultransport profitéieren, an duerno e Questionnaire ausgeschafft, deen iwwert d'Léierpersonal ausgedeelt an agesammelt gouf. Duerfir och hinnen e grousse Merci fir hir Mataarbecht, soss wier déi Ëmfro net realiséierbar gewiescht. D'Elteren hunn missen uginn, ob an op welcher Haltestell hiert Kand vum Schoultransport profitéiere willt;



zousätzlech fir all Wochendag eenzel genee ukräizen ob moies, um 12, um 2 oder um 4. All dës Donnee goufen dunn an riseg Tableaun a gedroen an ausgewäert fir dass den Schoultransport elo d'nächst Woch klappt. D'Elteren kréien, esoubal dat neit Reglement haut gestëmmt ass, e Courier mat Detailer vum Schoulwee vun hirem Kand an eng Invitatioun op en Informatiouns-Nomëttlen e Samschden vun 14-18 Auer am Treff, wou dir och all invitéiert sidd.

Fir den neien Schoultransport kann een soen, dass mir ronderëm d'Schoul e Rayon vun ca 1km gezunn hunn, wou keen Bus méi fiert, an do versicht hunn flächendeckend sécher Fouss-Tier ze bestëmmen. Esou sinn elo fir d'Kanner vum Fondamental 5 Pedibuslinnen virgesinn. Well am Mäerz den Chantier bd Kennedy wäert ugoen, hunn mir all eis Linnen esou geplangt, dass keng mam Chantier a Kontakt kënn. D'Kanner aus der Cité Charles de Gaulle wäerten iwwert e Fouswee bis an d'Industriezone trëppelen an vun do aus mam Bus an d'Schoul fueren. Et bleiwen just 2 Buslinnen, wou den Trajet emgeännert ginn ass, fir just déi Kanner vun méi weit hier an d'Schoul ze féieren.



Eng ganz grouss Première wäert et awer fir dës Rentrée an der aler Gemeng Käerjeng ginn. D'Busentreprise Sales ass un eis erugetrueden, fir dass mir, als Pilotgemeng mat hinnen e neit Gefier sollen testen, en sougenannten **VĚLOBUS** mat Chauffeur.

Esou hunn mir d'Méiglechkeet dass d'Kanner vun verschidden Extremitéiten vun de Lokalitéiten mat dësen elektresche Gefierer bis bei e Pedibusarrêt pedaléieren, vun wou aus si dann zu Fouss weiderginn. Dat Gefier kann een sech e bëssen esou virstellen ewéi e "CUISTAX", esou en héigen Go-kart ewéi op der belscher Plage, wou een zu méi pedaléieren kann. E Samsden de Metten ass wéi gesot eng **Porte ouverte am Treff**,

organiséiert vun der Firma Sales zesummen mat der Gemeng, wou een all d'Froen ronderëm de neien Schoultransport beäntwert kritt, dat neit Gefier virgestallt gëtt, an d'Kanner et och ausprobéiere kënnen.

Dat war elo eng méi laang Introdution fir eist neit Schoultransport-Reglement, dat elo global de ganzen Schoultransport ëmfaast, esouwuel de classesche Bus, ewéi de Pedibus, an och den neien Vëlo-bus.

Déi meescht Punkten sinn copy-paste aus den alen Reglementer. Mä et ginn e puer Zousatzpunkten:

Bis elo war et just néideg gewiecht sech fir de Pedibus anzeschreiwen. Ab dëser Rentrée ass et obligatoresch, dass d'Elteren hiert Kand fir den gesamten Schoultransport ageschriwwen hunn, an zwar fir eng genee definéierten Haltestell, ouni ze wëssen, wéi hiert Kand ab do an d'Schoul kënnt. Well d'Plazen virun allem am Vëlobus limitéiert sinn, (si sinn de Moment der jetzeger Demande ugepasst) komme mir net derlaanscht eng Prioritéitelëscht opzestellen. Prioritär sinn déi Kanner, déi och schonns virdrun den Schoultransport vun der Gemeng benotzt hunn, dann déi, déi an de respektive Quartiers wunnen, an als leschte Krittär, den Datum, wou hir Inscriptiounsdemande op d'Gemeng erakomm ass. Wann néideg, wäert an Zukunft eng Waartelëscht opgestallt ginn.

Wéinst der komplexer Organisatioun zielt d'Inscriptioun just fir eng bestëmmten Linn an d'Kanner müssen hir Haltestell anhalen. D'Elteren sinn verantwortlech dofir, dass hiert Kand rechtzäiteg um Arrêt ass, an si et och zur Zäit do ofhuelen, ausser hiert Kand huet 9 Joer an eng schrëftlech Erlabnis vun hinnen fir eleng heem ze goen.

Et ass och virgeschriwwen, dass d'Kanner eréischt iwwert d'Strooss goen duerfen, wann de Bus, respektiv de Vëlobus wäit genuch ewech ass, an och keng aner Gefor méi besteet.

Wann d'Kand de Schoultransport eng Kéier net notzt, müssen d'Elteren hiert Kand am viraus bei der Begleetpersoun, respektiv op der Gemeng, ofmellen.

Et ass kloer, dass d'Kanner follegen müssen an esouwuel déi aner Kanner ewéi och d'Begleetpersounen, d'Chaufferen, d'Gefierer an dat ganz Material, wat si zur Verfügung gestallt kréien, respektvoll behandelen. Näischt duerf futti gemaach ginn, an och keen Knascht hannerlooss ginn.

Am Pedibus an am Vëlo-bus müssen d'Kanner d' Sécherheetsweste undoen, déi si zur Verfügung gestallt kréien.

Am Bus an am Vëlobus müssen d'Kanner ëmmer ugeschnallt setze bleiwen bis d'Gefier steet.

Nei ass elo fir de Vëlobus, dass jiddereen e Casque undoe muss, am Beschten säin eegenen.

Ausdrécklech gëtt och drop higewisen, dass elektronesch Geräter ewéi Handyen asw. net duerfen während dem Schoultransport benotzt ginn.

Falls disziplinär Probleemer optauchen, kréien d'Elteren dat direkt vum Begleetpersonal oder iwwert d'Léierpersonal matgedeelt. Falls dat net hëlleft, gët als lescht Warnung e Bréif vun de Responsabelen vum Schoulservice geschéckt. Wann et dann nach net besser gëtt, kann de Schäfferot iwwert en ageschriwwene Bréif decidéieren, dass d'Kand zäitweileg, a bei ganz schlëmme Fäll esouguer definitiv vum Schoultransport ausgeschloss gëtt.

Wann mir dëst Reglement elo approuvéieren, wäert et ab dem 15.9 a Kraaft trieden. Bis dohinn sinn mir gespaant wéi d'Kanner op de Vëlobus reagieren.